N°564
Entrée le 02.05.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 564 vum 3. Abrëll 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.

1. Wéi laang dauert et an der Moyenne, fir d'Resultater vun Analysen oder medezineschen Examen, déi an engem Spidol gemaach goufen, an den DSP eropzelueden?

Am Prinzip ginn d' Resultater vu medezineschen Analysen, déi an de Spideeler gemaach ginn, an engem raisonnabelen Delai am elektronesche Gesondheetsdossier vum Patient agespeist, esou wéi d'Gesetz dat virgesäit. [1]

Esou si Rëntgen, aner medezinesch Biller (IRM, asw.) an och hire compte rendu jee no Struktur, direkt oder spéitstens no puer Deeg am DSP vum Patient ze fannen.

2. Wéi laang dauert et an der Moyenne, fir d'Resultater vun Analysen oder medezineschen Examen, déi bei engem private Labo gemaach goufen, an den DSP eropzelueden?

Och d'Resultater vun de medezineschen Analyse vun de private Laboen gin an engem raisonnabelen Delai am elektronesche Gesondheetsdossier vum Patient hannerluecht, an der Reegel geschitt dat direkt oder spéitstens no e puer Stonnen, jee no Labo.

3. Wéi sinn déi laang Delaien ze erklären?

An der Reegel ginn et keng laang Delaien.

Kierzlech hat ee private Labo op Gronn vun enger technescher Pann, déi eréischt méi spéit festgestallt gouf, ee Retard vun 2-3 Woche bei der Alimentatioun vu senge medezinesche Resultater an den DSP'en vu senge Patienten. Dëse Problem ass awer an der Tëschenzäit behuewen.

4. Plangt d'Ministesch, d'Resultater vun Analysen oder medezineschen Examen, wéi zum Beispill enger Rëntgen, direkt am DSP disponibel ze maachen? Wa jo, wéi soll dat gemaach ginn?

Dat ass schonn haut de Fall. Esou wéi an den zwou éischten Äntwerten präziséiert, sinn d'Resultater vun Analysen oder aner medezineschen Examen déi vu Spideeler oder private Laboen gemaach ginn, am elektronesche Gesondheetsdossier vum Patient ze fannen.

Wat Rëntgen an aner medezinesch Biller (IRM, asw.) esou wéi hire compte rendu ubelaangt, esou sinn dës iwwert e "Link" op de Service vun den "Archive Nationale d'Imagerie Médicale"(ANIM), am elektronesche Gesondheetsdossier vum Patient, fir dësen accessibel.

Lëtzebuerg, den 2. Mee 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet(s.) Martine Deprez

[1] Fir den Detail vun de Bestëmmunge verweise mer op den Artikel 60quater vum Code de la sécurité sociale an de Règlement Grand-Ducal vum 6. Dezember 2019, deen d'Modalitéiten a Konditioune fir d'Opstellung vum elektronesche Gesondheetsdossier festleet